

Dépôt : Fernand Kartheiser  
11. Oktober 2016

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2016

### Motioun

#### D'Chamber

vu

- datt d'Lëtzebuerger Sprooch op groussen Interessi stéisst an datt besonnesch am Kontext vun engem séieren demographesche Wandel de Wonsch grouss ass, Lëtzebuergesch méi ze fleegen an ze promovéieren;
- datt vill Bierger, och Vertrieder vu ville politesche Parteien, an der Ëffentlechkeet an an de Medien fir eng Revalorisatioun vun der Lëtzebuerger Sprooch plädéieren;
- datt d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch de Multilinguismus net a Fro stellt;
- datt d'Lëtzebuerger Sprooch déi gemeinsam Sprooch vun allen Awunner vum Land soll sinn an dowéinst als Integratiounssprooch muss weider ausgebaut ginn;

fuerdert d'Regierung op:

- de Gebrauch vun der Lëtzebuerger Sprooch als Nationalsprooch an als administrativ Sprooch systematesch auszubauen an ze favoriséieren;
- alles ze maachen fir datt Lëtzebuergesch progressiv ëmmer méi kann als vollwärtig Sprooch och an der Legislatioun an am Rechtswiese gebraucht ginn an an enger éischer Phas rechtlech net verbindlech Iwwersetzungen vun Uerteeler a verschiddene Gesetzestexter maachen ze loossen;
- d'Publikatiounen, Matdeelungen a Formuläre vun alle Ministèren a staatlechen Administratiounen fir d'éischt op Lëtzebuergesch eraus ze ginn;
- d'Lëtzebuerger Sprooch als éischt op den Internetsäiten vu Gemengen a Staat an och op Stroosseschëlter a Panneaue privilegiéiert ze gebrauchen;

- den Niveau vum Sproochentest fir d'Lëtzebuenger Nationalitéit net am Vergläich zu haut erof ze setzen an drop ze verzichten Leit déi schon zwanzeg Joer am Land liewen ouni Lëtzebuergesch geléiert ze hunn, d'Nationalitéit ze ginn;
- d'Lëtzebuenger Sprooch an der EU als Amtssprooch am Sënn vun der Decisioun vum Ministerrot vun der Europäescher Unioun vum 13. Juni 2005 unerkennen ze loossen;
- d'Lëtzebuenger Sprooch an de Schoulen zu Lëtzebuerg verstärkt z'ënnerriichten an och als Schoulsprooch, Ëmgangssprooch an de Schoulen an als Unterrechtssprooch festzeleeën;
- Lëtzebuergesch och an der Europaschoul, an de Privatschoulen an an deenen auslännesche Schoulen zu Lëtzebuerg z'ënnerstëtzen;
- an den ëffentleche Crèchen, am Précoce an an der Spillschoul ( am „1. Zyklus“ vun der Grondschoul) op eng multilingual Fréierzéiung ze verzichten an d'Lëtzebuergesch als eenzeg Integratiounssprooch ze promovéieren;
- d'Offer vun de Sproochcoursen a vun de Coursen iwver Lëtzebuenger Kultur konsequent an nohalteg weider auszebauen, och fir d'Integratioun vun den auslänneschen Awunner an anere Leit, déi un eiser Sprooch interesséiert sinn, ze begënschtegen;
- bei den auslännesche Matbierger Reklamm ze maachen, fir datt si Lëtzebuergesch solle léieren an hinnen dozou och konkret Méiglechkeeten bidden;
- bannent dräi Méint e Plang virzeleeën, mat deem efficace a kuerzfristeg garantéiert ka ginn, datt am Gesondheets- an am Fleegesecteur jiddereen, deen am Kontakt mat Patiente steet, Lëtzebuergesch op engem héijen Niveau schwätzt;
- bannent dräi Méint d'Chamber z'informéieren wéi eng Moossnahmen d'Regierung wëll huelen, fir déi lëtzebuergesch Sprooch an der Geschäftswelt ze promovéieren;
- der Chamber all sechs Méint e Rapport ze presentéieren, an deem d'Efforte vun der Regierung fir déi Lëtzebuenger Sprooch detailléiert opgezielt an erklärt ginn an an deem weider Initiative proposéiert ginn.